LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Le Ministre

Luxembourg, le 26/10/2020

**REÇU**
*Par Alff Christian , 13:08, 26/10/2020*

Le Ministre des Affaires étrangères et européennes, Ministre de l'Immigration et de l'Asile,

à

Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe, la réponse commune des Ministres impliqués à la question parlementaire n° 2897 posée par l'honorable Député Monsieur Fernand Kartheiser.

Jean Asselborn

**Gemeinsam Äentwert vum Här Aussen-an Europaminister, Minister fir Immigratioun an Asyl, dem Minister fir Aarbecht a Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft, der Ministesch fir Famill an Integratioun an dem Finanzminister op d'parlementaresch Ufro N°2897 vum 24. September 2020 vum Honorabelen Deputéierten Fernand Kartheiser**

**1) Wéi vill vun deene 7.100 Persounen, déi den Statut net kruten, sinn nach am Land?**

Et ass net méiglech genee ze soen wéi vill vun den anere Leit, deenen hir Demande fir Asyl refuséiert gouf, sech nach hei am Land ophalen, well et Leit ginn déi d'Land verloossen ouni d'Autoritéiten dovun ze informéieren. Gläichzäiteg sinn och net all d'Leit, deenen hir Demande op internationalen Schutz um Niveau vum Ministère refuséiert gouf an déi sech nach am Land ophalen, automatesch an enger irregulärer Situatioun. An dësem Kontext sief op déi méi detailléiert Erklärungen an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nummer 1042 vum 8. August 2019 verwisen.

**2) Wéi vill vun deene 4.500 Persounen, déi den Statut kruten, hunn hir Famillje kënnen nokomme loossen an op wéi vill Persoune beleeft sech also den Total vun deene Persounen, déi mat engem Asyl- oder internationale Schutzstatut (den direkt Betraffene plus seng Familljemememberen) zu Lëtzebuerg am Abléck liewen?**

Tëscht dem 1. Januar 2015 an dem 30. September 2020 konnten eng ronn 700 Leit mat engem internationalen Schutzstatus zu Lëtzebuerg hir Famill nokommen loossen.

**3) Wéi schlësselt sech do mat Nationalitéiten op?**

Fir d'Opspléckung pro Nationalitéit sief op déi d'Zuelen verwisen, déi all Joers am Bilan iwwert d'Immigratioun vum Ausseministère publizéiert ginn.

**4) Ass d'Familljenzesummeféierung zu Lëtzebuerg u bestëmmte Konditioune gebonnen? Wa jo, wat fir Konditioune sinn dat? Spillt et fir d'Familljezesummféierung eng Roll, ob de BPI sech zu Lëtzebuerg eng eegestänneg Existenz, ouni Hëllefe vum Staat, opbaue konnt? Wann nee, wéi vill BPIen, ouni eegentstänneg Existenz, konnten hir Famill nokommen lossen an esou nees vereenen? Wat sinn d'Ausgaben, déi den Staat zënter 2015 gerechnet an ënnerdeelt no Joer, opgrond vun de Familljenzesummenféierung hat?**

D'Konditiounen fir d'Familljenzesummeféierung sinn an den Artikelen 68 bis 77 vum ofgeännerten Immigratiounsgesetz vum 29. August 2008 festgeluecht. Dës Dispositiounen baséieren sech op d'Direktive 2003/86/CE vum 22. September 2003 iwwert d'Familljenzesummeféierung.

D'Immigratiounsgesetz gesäit vir, datt bei der Familljenzesummeféierung vu Leit, déi een internationalen Schutzstatus kritt hunn, verschidde Konditiounen, déi soss am Beräich vun der Familljenzesummeféierung gëllen (wéi zum Beispill datt d'Leit mussen een eegent Logement hunn oder datt se genuch Ressourcen hunn fir fir sech an hir Familljemember opzekommen) net erfëllt mussen ginn, dëst fir der spezifescher Situatioun vun den Leit Rechnung ze droen. D'Direktiv gesäit dës Ausnam vir fir Leit, déi den Statut vum Refugié unerkannt kruten, mee léisst de Memberstaaten awer d'Méiglechkeet dës Ausnam zäitlech sou ze limitéieren, dat se just gëllt, wann d'Ufro fir d'Familljenzesummeféierung an engem bestëmmten Delai nom Accord vum Statut geschitt. Zu Lëtzebuerg war bei der Ëmsetzung vun der Direktive decidéiert ginn, dësen Delai op 3 Méint festzeleeën, an dës Ausnam awer och op d'Leit mat engem subsidären Schutzstatus ze erweideren. Wann d'Ufro fir d'Familljenzesummeféierung no dësem Delai gemaach gëtt, da mussen déi verschidde Konditiounen wéi d'Wunneng an d'Ressourcen erfëllt ginn. D'Regierung huet

viru Kuerzem ee Gesetzesprojet guttgeheescht fir dësen Delai op 6 Méint eropzesetzen, sou wéi dat am Regierungsprogramm virgesinn ass.

5) **Wéi dacks an op wéi eng Manéier gëtt iwwerpréift, wéi eng vun deene Persounen nach e Schutz zu Lëtzebuerg brauch a wéi eng Persoune kee Schutzstatut méi brauchen?**

D'Asylgesetz vum 18. Dezember 2015 gesäit vir a wéienge Fäll eng Persoun den internationalen Schutz zu Lëtzebuerg verléieren oder oferkannt ka kréien. Dës Dispositiounen baséieren sech op d'Direktive 2011/95/UE, och nach Direktive « qualification » genannt, déi festleet ënnert wéienge Konditiounen den internationalen Schutz accordéiert gëtt, respektiv a wéienge Fäll eng Persoun den Usproch dorop verléiert. D'Applikatioun vun dësen Dispositiounen gesäit eng detailléiert Iwwerpréiwung vum Eenzelfall vir.

Et ass awer wichteg ze betounen, datt am Fall wou eng Persoun d'Konditiounen fir internationalen Schutz net méi erfëllen géing, dat net automatesch heescht datt déi Persoun Lëtzebuerg verloosse misst. Och hei muss als éischt eng individuell Analyse vum Dossier gemaach ginn, am Respekt mat den Dispositiounen vum Immigratiounsgesetz an och vun internationalen Konventiounen, déi virgesinn, datt déi perséinlech Situatioun, wéi zum Beispill d'familiär Situatioun, vun der Persoun an deem Fall muss berécksiichtegt ginn, dëst am Aklang mat den elementare Rechtsprinzipen, wéi dee vun der Proportionalitéit.

6) **Wéi vill Persoune mat Schutzstatut hunn zënter 2015 bis haut eng Aarbecht fonnt? Wéi vill sinn der op der ADEM ageschriwwen a mat wéi enge schouleschen oder beruffleche Qualifikatiounen?**

Tëscht Januar 2015 a Mee 2020 hunn 737 Persoune mat Schutzstatut, déi bei der ADEM ageschriwwe waren, eng Aarbecht fonnt.

7) **Wéi vill Persoune mat Schutzstatut kréien aktuell de Revis ?**
8) **Wéi vill Persoune mat Schutzstatut liewen an engem Foyer a wéi vill hunn eng Wunneng vum Staat, vun de Gemengen oder vun anere sozial engagéierten Acteuren ewéi z.B. dem Roude Kräiz oder der Caritas kritt?**

De Fonds national de Solidarité (FNS), deen de REVIS verwalt an ausbezillt, kontrolléiert op d'Demandeuren d'Konditioune vum Gesetz vum 28. Juli 2018 iwwert de revenu d'inclusion sociale erfëllen; laut Artikel 2(2) vun deem Gesetz hu Persoune mat Schutzstatut déi selwecht Rechter ewéi Lëtzebuerger Staatsbierger. De FNS féiert deemno keng Statistiken iwwert de Statut vun de REVIS Bezéier.

Persounen, déi an enger prekärer sozialer Situatioun sinn an eng Wunneng sichen, wenden sech direkt un déi kompetent Organismen an Associatiounen, déi en fonction vun de Besoinen, an net vum Statut vun de Leit, hëllefen eng Wunneng ze fannen.

Op de 5. Oktober 2020 liewen 1387 Persoune mat Schutzstatut an de Foyeren, déi vum Nationale Büro fir Opnam ("Office national de l'accueil", ONA) geréiert ginn.

9) **Wéi grouss ass de gesamten Impakt vun deenen Asyldemanden an hirem Traitement op de Staatsbudget zënter 2015, opgeschlësselt no Joer, an de Kategorien: Bau vun Heemer, Locatioun vu Wunnengen, Scolarisatioun, Allocatioune fir DPIen, RMG oder REVIS fir BPIen, Rapatriementer, medizinesch-a Sozialleeschtungen, Assistance judiciaire, Integratiouns-a Formatiounsprogrammer, personellen Ausbau an der Immigratiounsdirektioun, am ONA an op de Verwaltungsgeriichter, asw.?**

Wat d'Fro iwwert den Impakt vun den Asyldemanden an hirem Traitement op de Staatsbudget ugeet, do sief op d'Äntwert op d'parlamentaresch Fro N°1098, sou wéi op déi respektiv Comptes généraux'en verwisen.